



Äntfert vum Här Henri Kox, Minister fir bannenzeg Sécherheet op d'parlamentaresch Fro n° 8019 vum 22. Mee 2023 vum den honorabelen Députéierten Elisabeth Margue an Laurent Mosar

Opgrond vun engem Mëssel goufen den honorabelen Députéierten leider inkorrekt Zuelen an der virreschter Äntwert op d'parlamentaresch Ufro n°8019 kommunizéiert.

De Rectifikatif vun der Äntwert présenteiert sech folgendermoosen:

Den 1. Januar 2020 hat de Policekader vun der Police een Effektiv vun 1.890 Polizisten an et waren 76 Stagiairen an der Ausbildung. Op den 1. Juli 2023 sinn et 2.070 Polizisten an 397 Stagiairen, vun deenen der 166 Ufank Juni 2023 no hirem "Serment spécial" an der praktescher Ausbildung um Terrain ugefaangen hunn. Den Effektiv vum Policekader ass also an dräi Joer vun 1.966 Membren Ufank Januar 2020 op 2.467 Memberen Ufank Juli 2023 eropgaangen.

An dësem Kontext ass et och wichteg ze ënnersträichen datt gläichzäitig den Effektiv vum Zivilkader vun der Police vun 394 Persounen Ufank Januar 2020 op 674 Persounen Ufank Juli 2023 eropgaangen ass. Dëst weist datt d'Polizisten iwwert déi lëscht 3 Joer ëmmer méi vum Zivilkader konnten entlaascht ginn, waat et hinnen erméiglecht sech ëmmer méi op hier Aarbecht um Terrain ze konzentréieren.

De Gesamteffektiv vun der Police ass also vun 2.360 Memberen Ufank Januar 2020 op 3.141 Ufank Juli 2023 ëm 781 Memberen eropgaangen.

Wat de Rekrutement betrëfft, huet d'Police dräi ganz erfollegräich Campagnen hannert sech. Dëst Joer goufen an den Traitementsgruppe B1 a C1 191 Stagiairen den 1. Mee ugestallt. D'Efforten fir den Rekrutement vun der Police wäerten an de nächste Jore weidergefouert ginn, fir esou déi néideg Verstärkungen ze erreechen, déi d'Police brauch fir och weiderhin hier Missiounen kënnen ze erfëllen.

Lëtzebuerg, de 6. Juli 2023

Den Minister fir bannenzeg Sécherheet

(s.) Henri KOX